



Société Municipale des Accordeonistes de Luxembourg

D'Quëtschbloder

Neits vun der Société municipale des
accordéonistes de Luxembourg

Mee 2014

Nr. 1 / 2014

Themen an deser Nummer :

- AGO 26.02.2014
- „d'Quëtschbloder“
- Aktivitéiten & Concert-ën 2014
- Jubiläum 75 Joer 1938 - 2013
- Impressum
- Contact

Aus der Generalversammlung vum 26. Februar 2014

An hirer Generalversammlung huet d'SMAL op déi vill Aktivitéiten d'lescht Joer zrëck gekuckt: 36 Prouwen, 13 Concert-ën uechter d'Land, d'Sprangprëssëssioun zu lechternach an de 85. Gebuertsdag vum President Raymond Mahnen. 1938 vum Albert Moes gegrennt, huet eise Veräin seng 75 Joer ee ganze Sonndeg laang am Alen Tramsschapp um Lamperbiërg gefeiert. Fir d'Geleeënheet vun desem Jubiläum huet de Comité nei Uniformshieme a -blousen, mat diem neien Emblem drop, ugeschaaft; d'Monique an de Fernand Buchholtz-Feitler hunn d'Cravattë fir d'Hären an d'Schale fir d'Damme gestëft. Net vergiess sinn déi

verstuerwen Aktiver an Éiremembren aus deene 75 Joer. Mat enger Gedenkminutt gi si gëeiert. De President R. Mahnen feliciteiert d'Musikanten/-inne fir hire Succès bei alle Concert-ën a seet hinnen all Merci fir déi geleschten Aarbecht. Den Dirigent R. Kraus weist sech erfreet iwwert déi regelméisseg gudd besichte Prouwen all Woch. Fir di meescht Presenzen d'läscht Joer kruten de Claude Seiler, d'Rosa Pinto an de Guy Schmit eng kleng Unerkennung. Déi finanziell Situatioun vum Veräin ass ganz gesond, d'Keess gouf exemplaresch gefouert. Am Comité ginn d'Mandater vu Fernand Buchholtz (Vize-President), Brice Junius (Tresorier) a Monique

Buchholtz-Feitler (Member) erneiert. De Comité setzt sech elo zesummen aus: Raymond Mahnen (President), Fernand Buchholtz (Vize-President), Brice Junius (Tresorier), Jenni Boettel, Monique Buchholtz, Romain Kraus a Guy Schmit (Membren). Fir d'Joer 2014 huet d'SMAL eng Parti Engagementer am Agenda stoen: Concert-ën zu Munneref, Ettelbréck, Zéisséng, Diddeléng, Miersch a Réimech, am CIPA Gréngewald zu Nidderaanven, am Haaptmann's Schlass zu Berbuërg, bei der Sprangprëssëssioun zu lechternach an zu Esch/Uelzecht bei der Journée nationale de l'accordéon.

E puer Biller aus der AGO sinn am Internet publizéiert ënnert www.accordeon.lu.

Veräinszeitung „d'Quëtschbloder“ kënt nees eraus

Vous tenez en mains le 1er numéro du magazine de la SMAL. La reprise de ce feuilleton a été décidée par l'assemblée générale en février 2014 en vue de tenir informés nos membres d'honneur.

Eng Proposition, déi an der AGO positiv opgeholl gouf, ass déi, datt d'Verbindungsblad, dat vun 2005 bis 2007 bal all Mount erauskoum, a vun der deemoleger Sekretärin konzipéiert a rédigiéiert gouf, nees soll e puer Mol d'Joer erschéngen.

Mat deser Veräinszeitung solle ganz besonnesch eis Éiremembren uechter d'Joer di neitsten Informatiounen vun an iwwert d'SMAL kréien.

Des 1. (Ré-)Editioun gëtt mat der Post un d'Éiremembre verschéckt.

Interessenten, déi äis hir Mail-Adress matdeelen op Accordeon_SMAL@gmx.net, kréien all weider Nummer mat elektronischem Courier zougestallt.



**SOCIÉTÉ MUNICIPALE DES
ACCORDÉONISTES DE
LUXEMBOURG (SMAL)**

CONTACT SMAL :

President R. Mahnen

Tél. +352 40 39 94

Dirigent R. Kraus

Tél. +352 50 15 06

Redaktioun

« d'Quëtschbloder » :

Danielle Ludwig

Luxembourg-Bonnevoie

E-mail (privat):

danielle.ludwig@gmx.net

E-mail SMAL :

Accordeon_SMAL@gmx.net



Société Municipale des Accordeonistes de Luxembourg

Aktivitéite vun der SMAL :

11.05.2014 - 11h30	Concert - Lidderucht Cessange Centre culturel, Cessange, rue St Joseph n°1
01.06.2014 - 15h00	Concert - Niederanven, CIPA Gréngewald, Routsched n° 8
10.06.2014	Sprangprëssëssioun Echternach [Grupp N° 9]
14.06.2014 - 19h30	Concert - CTF Mammendagsfeier, Mersch, Salle des Fêtes, Place de l'Eglise
15.06.2014 - 15h00	Concert - Haaptmann's Schlass Berbourg, Broucherstrooss n° 4
06.07.2014 - 15h00	Concert - "Amis de la Fleur" Dudelage, Centre Hild, avenue Grande-Duchesse Charlotte n° 11
11.07.2014 - 19h00	Concert - animation musicale Pizzeria GIRASSOL, Beggen, rue de Beggen
11.10.2014 - 14h30	Concert - Remich CTF Al Schoul, rue Neuve n° 1
25.10.2014 - 14h30	Concert - AMIPERAS Ettelbruck, Rue du Deich "Däichhaal"
09.11.2014	Journée Nationale de l'Accordéon, Esch/Alzette
21.11.2014 - 19h30	Cæciliefeier - Pizzeria GIRASSOL

www.accordeon.lu

1938 - 2013 : Die SMAL feierte ihr 75-jähriges Bestehen

Am Sonntag, dem 16. Juni 2013 feierte die Société municipale des accordéonistes de Luxembourg (SMAL) einen ganzen Tag lang ihr 75-jähriges Bestehen. Dieser denkwürdige Tag stand unter der Schirmherrschaft der UGDA und der Stadt Luxemburg (VDL). Louis Karmeyer überbrachte die Glückwünsche des nationalen Musikverbandes, bei dem die SMAL seit 1940 Mitglied ist. Den „Éirewäin“ am Ende des Festes stiftete die Hauptstadt.

Zum Aperitif spielte das Akkordeon-Orchester Menningen-Minden (D) unter der Leitung von Erik Thünemann. Mit diesem Orchester betreibt die SMAL seit Jahren eine intensive Zusammenarbeit: Akkordeonisten aus Menningen/Minden verstärken unsere Gruppe in der Springprozession; zu großen Festen und Jubiläen in

Menningen wird die SMAL immer gerne eingeladen. Auf dem Programm standen u. A. Hits von Wolfgang Petri, James Last, ABBA, Udo Jürgens.

Den Konzerteigen am Nachmittag eröffneten die Musikanten des Akkordeonspielrings Pfalzgrafenweiler (D) unter ihrem Dirigenten Waldemar Scheliga. Pfalzgrafenweiler ist ein Ort im Schwarzwald, ca. 15 Kilometer von Freudenstadt entfernt. Monique Buchholtz erinnerte in ihrer Präsentation an Félix Hausemer, der vor mehr als 25 Jahren, im Urlaub in Freudenstadt, mit Frau Maria Jehl, damalige Dirigentin des Freudenstädter Akkordeonorchesters, ins Gespräch kam. Für das 50-jährige Jubiläum der SMAL im Jahr 1988 trat ihr Ensemble gleich 2 Mal als Gastorchester in der Hauptstadt auf. Im darauffolgenden Jahr, sowie

nochmals 2006, gastierte die SMAL im Kurhaus in Freudenstadt. Seit das Freudenstädter Ensemble sich aufgelöst hat, spielen einige seiner Akkordeonisten beim Akkordeonspielring in Pfalzgrafenweiler. Die Gäste aus dem Schwarzwald erfreuten das Publikum mit diversen bekannten Melodien z. B. aus James Bond-Filmen, aus Italien und der Karibik, sowie von Slavko Avsenik.

Eine Auswahl ihrer schönsten Lieder (national und international) sang die Chorale Ste Cécile aus Bissen, dirigiert von Antonio Grosu. Félix Hausemer, 35 Jahre lang Dirigent der SMAL, war gleichzeitig Dirigent des Bissener geistlichen und weltlichen Chors. Unter seiner Leitung begleitete die SMAL den Chor bei mehreren Anlässen. Besonders das luxemburgische Liedgut fand großen Anklang:

D'Pierle vum Da, De Lëtzebuurger Greechen, Onse Wéngchen, ...

Das Abschlusskonzert des Tages, das „Concert d'honneur“ gestiftet von der UGDA, gestaltete die Société Municipale „Les Amis de l'Accordéon“ Esch-sur-Alzette unter ihrem Dirigenten Daniel Pagliarini. Mit den Escher Kollegen verbindet die SMAL eine freundschaftliche Kollegialität, nicht zuletzt entstanden bei der alljährlichen „Journée nationale de l'accordéon“, jedes Jahr im November ausgerichtet von einer der 4 Akkordeon-Formationen hierzulande. Auch das Programm der Escher Kollegen wies eine große Bandbreite auf: von Tango über Balalaïka- und brasilianischen Klängen bis hin zu Serge Lama und Slavko & Vilko Avsenik.

Zu diesem Bericht gibt es eine Auswahl Fotos unter www.accordeon.lu